

# Schäfferotserklärung vun der LSAP an der CSV fir d'Joer 2023 bis 2029

**Op Grond vun de Walresultater** vum 11 Juni 2023, wou d'LSAP mat 34,55% respektive sechs Sätz an d'CSV mat 32,36% respektive fënnef Sätz gewielt gi sinn;

- a compte tenu vun engem gemeinsame Wëllen sech matenee fir Schëffleng ze engagéieren,
- compte tenu och vun enger konsonanter Grondphilosophie a Punkto Kommunalpolitik a Gemeindegestioun
- allerdéngs och op der Basis vun enger equivalenter Approche a Froe ronderëm d'Zesummeliewe vun de Leit, vun de Veräiner an Associatiounen an eiser Gemeng,
- ewéi och der Astellung zu enger sozialer an durablerer Economie ...

... hunn d'Schëfflenger Partei Sektione vun **LSAP a CSV sech dorop geeenegt eng Koalitioun ze bilden,**

... fir an de nächste sechs Jore gemeinsam de Schëfferot ze forméieren, woubäi d'LSAP an d'CSV iwwer déi gesamt Period mat jeeweils zwee Verrieder dëse Collège échevinal paritéitesch besetze wäerten.

- **Kollegial, konstruktiv a kompetent fir Schëffleng schaffen.**

**Dës Schëfferotserklärung baséiert** natierlech op dem Koalitiounsofkommes, wat béid Parteien intensiv diskutéiert a beroden hunn,...

... fir à la Suite déi wichtegste Kärpunkten, Visiounen an Absichten ofzeklären, ze definéieren a festzehalen.

**Mir striewen dobäi** eng nohalteg an zukunftsorientéiert Kooperatioun fir eng positiv Entwécklung vun eiser Gemeng un, wuel wëssend, datt onerwaarten Défien sech kënnen erginn, déi da prioritär ze behandelen an ze kläre wieren.

**An engem komplexen Ëmfeld** gëllt et Léisungen ze fannen an ze formuléieren fir d'Erausforderunge vun der ekonomescher Entwécklung, der Nohaltegkeet an dem sozialen Zesummeliewe mateneen ze verbannen, zesummen ze koordinéieren.

**De Koalitiounsprogramm** – also d'Ofkommes tëschent der LSAP an der CSV – ass d'Resultat vu gemeinsam ausgetauschten Iddien an gemeinsam definéierten a festgehale Virstellungen a Prioritéiten ...

- wéi mir eis Gemeng no vir wëlle bréngen,
- wéi mir d'Bierger mat abannen;
- an dat eben och mat dem Wëlle fir zesummen ze schaffen,
- mat dem Courage, dat ze erneieren, wat ze erneieren ass, jo dat ze veränneren, wat verännert muss ginn,
- mat der Energie an dem Äifer fir datt sech nei Ideeën erauskristalliséieren
- fir eiser Gemeng nei Perspektiven ze erméiglechen
- a fir d'Erausfuorderunge vun der Zäit maîtreséieren ze kënnen!

Et versteet sech vum selwen, datt mir ons alleguer eiser Responsabilitéit bewosst sinn.

Mat **âme et conscience** wëlle mir eisen Aufgaben am Engagement fir all Bierger/ fir all Biergerinne gerecht ginn, ...

... an der Stärkung vum sozialen Zesummenhalt, am Encouragement an an der Promotioun vum Mateneen an eben och am Développement Durable vun eiser Gemeng.

Mir setzen dobäi op **eng gewësse Kontinuitéit**, besonnesch do, wou Servicer an Offerté sech bewäert huet, an do, wou inkontestéiert Projete vun vergaangene Mandatsperiode weider gefouert kënnen ginn, wuel wëssend sécherlech, datt ëmmer nees nei Detailfroen, nei Momenter ofzeklären, jo vläicht verännert oder verfeinert musse ginn.

Mir setze besonnesch do **op Verännerungen**, wou et sech als noutwendeg erweist, do wou Projeten, Intentiounen oder Programmer sech an eng falsch Direktioun deviéieren, wou nei Erkenntnisser, nei Parameter oder d'Situatioun insgesamt et verlaangt.

## Eis Grondphilosophie:

- mir wëllen eng Gemeng mat enger héijer Liewes- a Wunnqualität duerch ëmweltfrëndlechen an naturnoen Urbanismus mat am Bléckpunkt eng kohärent Stadentwécklung an eng optimal, den Excigence vun der Zäit, ugepasste Verkéierskonzeptioun.
- Mir wäerten um Prinzip vun der Participation citoyenne festhalen, an interesséiert Bierger invitéieren sech an den Décisiounsprozesser / an d'Prise de décision anzebannen.
- Mir wëllen eng oppen an transparent Gemengepolitik assuréieren ...

... mir wëlle geliefte Demokratie, eng Sensibiliséierung zum Mateneen ënnert Veräiner, de Kulturen a Nationalitéiten, de jonken a manner jonke Bierger, woubäi vrun allem eis Lokalveräiner aus Sport, Kultur, Fräizäit a Gesellschaft eng zentral Roll spillen ...

... mir wëlle Solidaritéit no bannen an no baussen assuréieren, woubäi d'Associatioun Schëffleng Hëllef an de Fairtrade Team Schëffleng, ewéi och déi vun der Gemeng co-finanzéiert Institutiounen wéi e.a. den Office Social an d'Beschäftigungsinitiativ "Centre d'Initiative et de Gestion local (CIGL)" eng noutwenneg Hand mat upaken ...

... mir wëllen effizient a modern Servicer garantéieren,

... mir wëllen eng Schoul fir Kanner, eng Gemeng, wou d'Biergerinnen an d'Bierger sech zu rechtfannen an sech doheem spieren.

- Mir wëlle fir gesond, stabil a nohalteg Finanzen suergen!

Fir dat alles ze organiséieren, ze combinéieren, ze regelen an ze planifiéieren huet sech **de Schäfferot a seng Kompetenzen an Zoustännegkeeten** esou opgestallt ... :

- **Buergermeeschter Paul Weimerskirch** mat e.a. Responsabel fir Budget a Finanzen, Bildung, Schoul a Kultur
- **1. Schäffe Carlo Feiereisen**, deen ab dem 1 August 2025 de Buergermeeschterposten iwwerhëlt mat e.a. Responsabel fir Service des Travaux Neufs et Infrastructures an de Service Régie, Jugend, Sport a Fräizäit (*Schäffe fir Infrastrukturen, Verkéier, Sport a Jugend*)
- **Schäffe Marc Spautz** mat e.a. Responsabel fir sozial Kohäsioun, Integratioun, Senioren, Soziale a wirtschaftlech Entwécklung (*Schäffe fir Integratioun, sozial Kohäsioun, Chancegläichheet a wirtschaftlech Entwécklung*)
- **Schäffe Rizo Agovic** mat e.a. Responsabel fir de Service d'Urbanisme et du Développement Durable (*Schäffe fir Stadentwécklung, Klimaschutz a Nohaltegkeet*)

## • **Stabil a krisefest Gemeengefinanzen**

Gesond a stabil Gemeengefinanzen sinn den **A an den O fir ze schaffen**, fir z'investéieren a fir Projeten ze definéieren.

D'LSAP an d'CSV-Vertrieder am Schäfferot engagéieren sech eng prévoyante a responsabel Finanzpolitik ëmzesetzen, ... woubäi de kommunale Finanzéierungsschlüssel, d'Prinzipien an d'Virgabe vun de staatlechen Instanzen esou e.a. betreffend d'Käschendeckung, d'Zweckméissegkeet vu Kreditter, d'Verschëldung, d'Recetten an Depensen, d'Taxen an d'Grundsteuer ze respektéieren sinn.

**Eng reegelméisseg Kontroll an Analys** vun der kommunaler Finanzsituatioun fir besonnesch den Handlungsspillraum ze préiwen, ass geplangt; dëst mat dem Wëllen an der Absicht d'Investitiounen op héijem Niveau ze halen.

Eis **virsiichteg a nohalteg Haushaltspolitik** soll de roude Fuedem fir d'Opstellung vum Budget sinn, wuel wëssend allerdéngs och, datt mat de Konsequenze von Covid-19-Zäiten, mat de rezente Präishaussen an den Zësentwécklungen oder duerch aner Krisen a negativ Auswierkungen oder soss zousätzlech Parameter (z.B. de finanziellen Engagement an Opwand fir déi kommunal Syndikater) op eis Finanzen awierken. Een Défi, dee mir aktiv begéine wëllen.

D'Realiséierung vu neie Projete ginn eréischt dann un d'Rulle bruecht, wann d'Finanzéierung geséichert ass. Eise Service des Finances spillt bei dësen finanztechnescher Aufgaben an Obligatiounen eng zentral Roll.

## • **Eng Gemeng am Déngscht vum Bierger**

Eis Gemeng huet sech a villen Hisiichte verännert. Mir ziele bal 12.000 Awunner; Matbierger/innen aus bal honnert ënnerschiddlechen Natiounen, Nationalitéiten a Kulturen ...

... si all hunn **e Recht op effizient, kompetent a gutt Déngschtleeschungen**, op eng optimal Informatioun a séier Kommunikatioun mat der Gemeng ...!

Transparenz an Oppenheet sinn dobäi primär ze respektéieren.

Eis Servicer mussen haut méi ewéi jee gutt opgestallt si fir den Erausfuerderunge besonnesch vun der digitaler Welt entgéintzotrieden.

Eng wesentlech Aufgab ass dobäi den Opbau vun enger Gemeng am Déngscht vum Bierger.

Eis Mataarbechter an der Administratioun an am Service Régie, eis Botzequippen a vill anerer suergen dofir, datt d'ëffentlech Liewen an eiser Gemeng funktionéiert.

Mir brauchen dofir an alle **Beräicher engagéiert, gutt forméiert, kompetent a frëndlecht Personal.**

Am Intressi vum Bierger - an op Grond vun den aktuellen Entwécklungen - wëlle mir **d'Digitaliséierung an alle Beräicher** vun der Gemengeverwaltung resolut virun driewen an optiméieren, fir datt d'Prozeduren acceleréiert ginn, an datt Servicer fir de Bierger simplifiéiert ginn.

**Gläichzäiteg wëlle mir sécherstellen**, datt all Bierger/innen, déi net mat den digitale Medien eens ginn, den Zougang zu allen Informatiounen an ëffentlechen Déngschtleschtungen iwwer déi traditionell Kommunikatiounsmëttel behalen; wuel wëssend, datt d'Digitaliséierung a kenger Hisiicht den direkte Kontakt zu kompetenten Usprichpartner ersetze kann.

Fir allen Matbierger/innen e korrekten Ëmgang mat der digitaliséierter Welt ze erméiglechen, ënnerstëtze mir all Associatioun, déi duerch Infoversammlungen oder soss Bildungsofferen interesséiert Leit fit mécht am Ëmgang mat der digitaler Kommunikatioun.

Mir wëllen ausserdeem a verschidde Beräicher **nei Servicer fir de Bierger/innen offréieren** an ariichten:

... esou soll de Gratis-Service vum Ecrivain publique weidergefouert ginn an e Service Logement an d'Liewe geruff ginn.

- E Jugendkoordinator, e Seniorekoordinator an e Sportkoordinator wëlle mir rekrutéieren ...

... si all sollen hëllefen nei Qualitéiten am Ëmgang mat dem Bierger, de Veräiner a villen aneren opzebauen.

Fir dat alles am Grëff ze halen an eng optimal an effizient Organisatioun ze garantéieren, muss iwwer **eng Ëmstrukturéierung / eng Neiorientéierung vun de Gemengeservicer** nogeduecht ginn. Gegebenefalls müssen Zoustännegkeeten iwwerschaft a Kompetenzen erweidert ginn.

Et gëllt sécherzestellen, datt de Bierger/innen op kompetent a gutt Servicer zréck gräife kann.

Et versteet sech vum selwen drop ze uechten, dass d'Personalkäschten an enger gesonder a raisonnabler Relatioun zur Finanzsituatioun vun der Gemeng stinn.

- **Eng harmonesch Stadtentwécklung, eng Nouwendegkeet**

**Eis Gemeng** Schëffleng huet sech am Laf vu vergaangene Joren **staark verännert**: den demografesche Wandel an de Populatiounswuesstem hunn ee permanente a konstanten Développement vu villen öffentlechen Infrastrukturen erfuerdert.

D'Suppressioun vun den Eisenbunnsiwergäng (de Passages à niveau) hunn ee fundamentalen urbane Réaménagement vum Zentrum vu Schëffleng erméiglecht.

Dat aktuellt Konzept mat der **Idee eng "Shared Space Zone"** ze schaffen, mat faarwegen a Natur noe Gréngzone gëtt resolut weider développéiert a soll eng Plus Value fir Wunn- a Liewesqualitéit sinn.

**D'Aarbechten** vun aktuelle Projeten un den Haiser "A Kassen", "Mettler" a "Entenich" ewéi och de Bau vun engem ënnerierdesche Parking **ginn fäerdeg gestallt**. Och hei geet et ëm eng Plus Value fir Liewes- a Wunnqualitéit.

Eng harmonesch Entwécklung an Urbaniséierung vun eiser Gemeng ass natierlech kee Selbstleefer:

- Den allgemenge Bebauungsplang (PAG), d'Deelbebauungsplän (PAP) an d'Bautereglement sinn d'Basis fir eng propper, strukturéiert, équilibréiert an optimal Entwécklung ze garantéieren. Et geet drëm e Gläichgewicht téschent de Beräicher Wunnen, Aarbecht, Fräizäit an Erhuelung ze respektéieren.
- De Schäfferot wäert bei der Elaboratioun vun de kommunale Planungsinstrumenter PAG, PAP a Bautenreglement déi aktuell Philosophie weiderféieren; dëst op der Basis vun de gesetzleche Gegebenheeten a Méiglechkeete fir sech ebe schnellst méiglech mat dem legislative Kader ze confirmiséieren. Bei Bedarf ginn Upassungen

envisagéiert, déi den aktuelle städtebaulechen Ufuerderungen entsprechen. Un dëser Entwécklung a Verännerung solle Politik, Administratioun, Experten a Bierger zesumme schaffen.

- D'Entwécklung vun eiser Gemeng ass e permanente Prozess, deen de Schaffen- a Gemengerot ëmmer nees op de Préifstand stelle wäert, an de Gespréicher an Diskussiounen mat de Bierger/innen, am Dialog mat de Veräiner an den Debatte mat de Memberen aus dem Gemengerot an de konsultative kommunale Kommissiounen.

Esou ass et de Wëlle vun der Koalitioun nom Ofschloss vun de Bautätegkeeten an Ëmännerungsarbechten am Uertschaftszentrum déi sou genannten a vu ville Matbierger gefrot **"Shared Space Zone"** ze konkretiséieren, an dat am Raum vun der Entrée Drusenheimstrooss an d'Liberatiounstrooss eran, Richtung Rue Basse bis bei d'Place Grande-Duchesse Charlotte mat der Abannung vun der Rue du Fossé; eng Zone deemno, déi vun all Verkéiersparticipants gläichberechtegt benotzt ka ginn.

Gläichermossen gëtt gepréift, **ob eis Gemengeplaz duerch adäquat an zousätzlech Baumesuren optesch encadréiert a méi attraktiv konzipéiert ka ginn.**

**Eng Neiorientéierung - ergo eng Refonte - vun der Place Grande-Duchesse Charlotte** mat enger Gréng- a Parkanlag a Spillplaze soll gepréift an realiséiert ginn; woubäi bestehend Parkplaze kompenséiert solle ginn. Mir wëllen zesumme mat de Biergerinnen a Bierger dës Zone nei gestalten an esou ëmbauen, datt eng nei a besser Openthaltsqualitéit an eng sënnvoll Fräizäit Nutzung entsteet.

**D'Planungsarbechten** fir den Deelbebauungsplang **"Am Rit" mat neie Sport- a Kulturinfrastrukture gi weider**; dëst an Ofsprooch an am Dialog mat de Veräiner an Awunner. An enger éischer Phas muss déi nouwendeg Stroosseninfrastruktur geschafe gi fir de Wunnquartier ze erschléissen, fir déi definitiv Planungen ze konzipéieren.

D'Gemeng ass och oppe fir enger Nofro vum Bildungsministerium nozekommen a préiwen ze loossen, ob de Bau vun engem **internationale Lycée zu Schëffleng**, opportun, sënnvoll a machbar ass. Eng Faisabilitétsétude soll schnellst méiglech fir Klärung suergen.

- **Nei öffentlich Gebaier,  
nei Necessitäten, nei Qualitäten**

No Méiglechkeete sollen eng Rei nei öffentlich Gebaier eiser Gemeng nei Méiglechkeeten a nei Perspektiven offréieren. De Plang fir nei, modern an effizient Infrastrukturen am Beräich "Ecole fondamentale" a "Maison Relais" ze schaffen, leeft op vollen Touren a soll an de nächste Joren ofgeschloss ginn.

D'Renovatiouns- an **Transformatiounsarbechten un der Bestgens Mille bleiwen eng Prioritéit**. Gläiches zielt fir de Reaménagement vum Jugendhaus.

E **Neit Policekommissariat** soll an der Drusenheimstrooss gebaut ginn.

**D'Beschäftigungsinitiativ CIGL** soll fir seng Administratioun an säin Service **Régie nei appropriéiert Raimlechkeeten** kréien, déi konform zu de Besoine an Exigenzen sinn.

De geplangte **Ëm- an Ausbau vun de Gemengenatelieren** - eng absolut Nécessitéit - gëtt weider gefouert.

D'Service vun der Gemeng brauchen nei, zousätzlech a biergerorientéiert Raimlechkeeten, Stéchwuert **Biergerzenter**. De Schäfferot wëll esou schnell wéi méiglech déi dofir néideg Pläng virleeën. Et gëtt e.a. gepréift op bestoend Gebaier zu dësem Zweck emgebaut kënne ginn, op een Ubau un den aktuellen Hôtel de Ville faisabel ass, oder op de Bau vun engem nei Verwaltungsgebai sech opdrängt!

- **Mobilité douce an eng modern  
Verkéisinfrastruktur**

E wichtegt Thema – lokal, regional a national – sinn d'Froe ronderëm **een optimaalt Verkéis- a Bewegungskonzept**. No Méiglechkeete striewe mir eng Verbesserung vun der aktueller Situatioun un, woubäi Elementer vu Verkéisberouegung, iwwer manner Duerchgangsverkéier an eiser Uertschaft, d'Verbesserung vun der Effizienz fir Mobilité douce priméieren.

Net alles läit an eisen Hänn, net alles ass direkt emsetzbar, an awer bleiwe mir an dësem Dossier um Ball.

- **Déi systematesch Verbesserung an Erneierung vun de Schëfflenger Stroossen** bleibt eng Prioritéit. Iwwerall do, wou Neies



entsteet soll de Prinzip vum Design for all, vun der Verkéiersberouegung an der Verkéierssécurité zum Droe kommen.

- Mir intervenéiere bei de staatlech zoustännegen Instanzen, dass **och eis sou genannte Staatsstroossen an engem impeccablen Zoustand erhale bleiwen** a bei Bedarf erneiert a verbessert ginn. Et geet drëm, dass éischtens d'Sécurité vun allen Usagers de la Route, an dass zweetens eng Circulation réduite et à vitesse limitée duerch adäquat Mesurë garantéiert ginn.
- **D'Augmentatioun fir Mobilité douce ass a bleift eng Prioritéit.** D'Bierger/innen gi motivéiert vum öffentlechen Transport ze profitéieren. Gläichermooße mussen d'Infrastrukture fir de Foussgänger a Vëlofuerer eng beschtméiglechste Sécurité garantéieren.
- Mir wëllen eis lokal Vëlosweeër ausbauen a no Méiglechkeet mat de regionalen a nationale Vëlosweeër optimaalst vernetzen, an zwar deementspreechend, dass en grande partie den Autosverkéier dovunnen getrennt bleift, esou datt de Vëlofuerer sech op gesécherte Vëlospiste fortbeweege kann.
- Des Weidere wëlle mir mat den zoustännegen Instanzen iwwerpräiwen de quelle Manière d'Passage pour Piétons iwwer d'CFL-Schinnenetz verbessert kënne gi fir Leit mat enger Mobilité réduite, an dat besonnesch am Sënn vum Design for all. An deem Kontext soll **eng nei méi Foussgänger gerecht Bréck iwwer d'Schinnenetz tëschent Quartier Wendel a rue du Fossé gebaut ginn.**
- Mat dem Autosverkéier ass och d'Parkraumsituatioun eng verbonne – désen Dossier ass ëmmer nees op e Neits ze hannerfroen, vrun allem well ëmmer nees nei Elementer, Indikater a Parameter ze respektéieren sinn. Eist Konzept vum Stationnement résidentiel gëtt analyséiert.

- **Kommunale Wunnengsbau, e schwieregen Dossier**

De Marché um Wunnengsbau ass uerg strapazéiert.

Allerdéngs si mir als Communautéit gefuerdert no Méiglechkeeten alles drun ze setze fir neien, energieeffizienten a bezuelbare – eben abordabelen an dezente – Wunnraum ze schaffen.

Och d'Gemeng muss diesbezüglich hir Responsabilitéit iwwerhuelen. De Schäfferot ass sech deem méi ewéi jee bewosst.

Mir wëllen, datt all Méiglechkeeten, déi eis Gemeng huet, selwer aktiv ze ginn, dozou notze fir e Maximum u Gemengelogementer ze bauen.

Eng net einfach Aufgab sécherlech. Néanmoins hu mir eng Rei Possibilitäten an Ideeën:

- **E neie Service - de Service Logement** - soll hëllefen d'Administratioun vum Dossier an d'Nofro vun de Leit fir Gemengewunnenge besser ze koordinéieren, woubäi dës Déngschtstell sech och ëm d'Gestioun vun de bestoende Logementer an der Gemeng këmmere wäert.
- Am Kader vum **Pacte Logement 2.0** huet d'Gemeng ausserdeem eng Rei Méiglechkeeten zousätzlechen öffentleche Wunnraum ze schaffen. Logementer, déi dann zu abordabele Präisser zur Dispositioun gestallt ginn.
- Mir setzen eis dofir an, datt déi säit laanger Zäit eidelsteehend a net bewunnbar Haiser vum "Fonds de Logement" endlech reparéiert, ëmgebaut a verlount ginn!
- Mir wëllen eis och dofir engagéieren, datt sou genannte "Chambres meublées" an Eefamilljenhaiser net zur Reegel ginn, an datt Eefamilljenhaiser net systematesch duerch grouss Residenzen ersat ginn.

- **Bildungslandschaft Schëffleng,  
dat wat ugeduecht ass weiderféieren**

Och dësen Dossier ass eng permanent Aufgab fir de Schëffen- a Gemengerot.

Villes ass hei realiséiert ginn, oder ënner Wee realiséiert ze ginn. Aner Dossieren sinn an der Prozedur.

Den Ëmbau an d'Moderniséierung vun eisen aktuelle Schoulgebaier ewéi och d'Realisatioun vun zousätzleche Raimlechkeete fir d'Servicer vun der Maison Relais ginn op der Basis vum Masterplang Bildungslandschaft weider gefouert an ëmgesat.

Eng véiert Schoul am Quartier "op den Hudelen" gëtt gebaut.

Erweist et sech als noutwenneg, datt z.B. duerch e staark Klamme vun de Schülerzuelen, eng 5.te Schoul noutwenneg ass, da gëtt à temps reagiert a geplangt.

- **Kanner a Jonk Leit: et geet ëm Zukunft,  
awer och ëm flott Strukturen**

Mir wëllen och weiderhin eng kanner- a jugendfrëndlech Gemeng bléiwen. Zousätzlech a nei Initiativë sollen dat méiglech maachen:

- E **Jugendkoordinator** soll zu enger wichteger Stäip a Begleedung bei kommunale Kanner- a Jugendaktivitéite ginn; dëst an enger Kooperatioun mat dem Schëfflenger Jugendhaus, fräi nom Motto: Jugend, déi sech beweegt.
- **D'Jugendhaus gëtt ëmgebaut**, moderniséiert a soll weiderhin e flotten Treffpunkt vum Mateneen, fir Kreativitéit a fir Sport a Kultur fir jonk Matbierger/innen sinn.
- Zesumme mat interesséierte Jonke soll **e Jugendkommunalplang** diskutéiert an definéiert ginn, als Leitlinn fir verschidde Kanner- a Jugendaktiounen a Mesuren am Intressi vu der jonker Generatioun.

- **E wichteg Uleies, wou nei Neel mat Käpp ze maache sinn, concernéiert d'Spillplazen an eiser Gemeng.** Hei wëll de Schäfferot eng aktiv Roll iwwerhuele fir eis Spillplazen a Punkto Spiller a Besoine fir Kanner vun allen Alterskategorien unzepassen, fir gläichzäiteg d'Spillplazen als animéierte Lieu de Rencontre fir Kanner, Enkelen, Elteren, Grousselteren a soss Betreier auszeriichten.
- Mir wëlle Kanner a Jugendlecher aktiv mat der Gemengepolitik a Verbindung bréngen. De Katalog vun den Aktivitéite soll erweidert ginn duerch een Zesummeschaffe mat dem "Zentrum fir politesch Bildung".

## • **Aktiv fir eis Senioren**

Zanter Joren ass eis Gemeng op ville Plazen aktiv an engagéiert fir eis Senioren.

Eng engagéiert kommunal Seniorekommissioun an d'Aktivitéite vum Clubhaus beim Kiosk fir Seniore sinn nëmmen e puer Stéchwierder an dësem Kontext. Aktiv am Asaz fir eis Seniore soll och an Zukunft klappen.

Mat engem **Seniorenkoordinator** wëlle mir nei Impulser a nei Perspektive fir eng un de Senioren orientéiert Gemengepolitik.

Am Kader vun engem **Seniorekommunalplang** sollen d'Besoinen, d'Offertë an déi konkret Mesurë fir eng nohalteg an zukünfteg Seniorepolitik beroden, diskutéiert a festgehale ginn. Seniorefrëndlech Wunnengen a Betreites Wunne sollen dobäi och Thema sinn.

## • **Ëmwelt-, Natur- a Klimaschutz, eng Prioritéit mat Sécherheet**

Eis Gemeng kennt zanter Joren dës dräi Begrëffer an ass bekannt an europäesch zertifizéiert fir seng Aktivitéiten an Initiativen am Beräich vun der Durabilitéit. Dësen Engagement fir aktiven Ëmwelt-, Natur- a Klimaschutz wäert och weiderhin op héijem Niveau gehale ginn.

- D'Aarbechten am Kader vum Klimapakt ginn no de Kriterien a Regele vun der European Energy Award Zertifizéierung weidergefouert. Dem Klimateam kënn dobäi eng wesentlech Roll zou; ausserdeem soll e

**Klimajugendteam an d'Liewe geruff ginn**, wou Jonker hir Virstellungen an Doleancen am Beräich Klimaschutz an doriwwer eraus, formuléiere sollen.

- D'Gemeng Schëffleng ass aktiv dobäi, wann et drëm geet de But vun der Dekarboniséierung, eng Initiativ vun der ProSud-Gemengen am Projet Minett UNESCO Biosphäre ze konkretiséieren an bis 2050 an der Südregioun **d'Klimaneutralitéit ze erreechen**. E nobelt a gläichermoosse wichtegt Zil.
- An dësem Kontext gëtt vun der Gemeng Schëffleng **een Energiekonzept** entwéckelt a votéiert, dat et erméigleche soll, klimaschiedlech Emissiounen op e Minimum ze reduzéieren an domadder d'Ofhängegkeet vu fossillen Energieträger lues a lues ze begrenzen an eben däitlech ze reduzéieren, so e.a. och duerch den Opbau vun engem kommunale Fernwärmenetz / réseau de chauffage urbain.
- **D'Berodung an d'Sensibiliséierung** fir Energieeffizienz, fir Natur-, Ëmwelt- a Klimaschutz gi resolut weidergefouert, an duerch d'Attributioun vu Subsiden ënnerstëtzt.
- D'Gemeng beméit sech och weiderhin op kommunalem Niveau an doriwwer eraus fir de Schutz **vun natierleche Liewensraim** a fir Biodiversitéit aktiv ze begleeden an ze stäipen; an zwar besonnesch am Rumm vun den Aktiounen a Mesuren, déi vum Naturpaktteam opgestallt a gewünscht sinn.
- Gläichzäiteg gëtt eng **"Cellule d'Intervention"** an d'Liewe geruff, déi den obligatoreschen Noutfallplang vun der Gemeng analyséiert a gegebenenfalls nei orientéiert a no de legislative Modalitéite qualifizéiert, an déi a punkto Versuergungssécherheet kritesch Infrastrukture préift a ggffs e Moosnamekatalog mat Handlungsrichtlinne vrun allem bei Katastrophesituatiounen erstellt.

- **De Lokalen Handel  
- eis Aktivitéitszonen**

Et ass gewosst, datt d'Attraktivitéit vun engem Gemengenzentrum een direkte Lien mat enger lieweger Geschäftswelt huet.

Dat gëllt och fir Schëffleng, wou eis Liberatiounsstrooss an d'Plaz virun der Gemeng ëmmer nach **de Lieu de Rencontre vun der Schëfflenger Geschäfte an Handwierkersbetriber**, vun de Festivitéiten a villen anere lokalen Evenementer sinn.

Allerdéngs ass et, compte tenu vun der wuessender Konkurrenz duerch Akafszentren an der Regioun ronderëm Schëffleng, net einfach eng lieweg Geschäftswelt mat gesonde Betriber, kompetente Handwierker a aneren Déngschtleeschter ouni Engagement säitens der Gemeng um Rullen ze behalen.

- Mir wëllen dowéinst besser Kaderkonditiounen **fir Handel a Commerce schaffen.**
- Mir wëllen eis lokal Geschäftswelt an Handwierksbetriber no Méiglechkeet encouragéieren, begleeden an all **Initiativ fir d'Promotioun** vun de Schëfflenger Commerçants an Artisans **ënnerstëtzen.**
- Mir wëllen eis beméien Gemengen **eegene Raimlechkeeten zu abordable Präisser ze vermieten.**

Schëffleng soll och weiderhin een attraktive Standuert fir Kleng- a Mëttelbetriber bleiwen. No Méiglechkeeten offrëiere mir déi néideg Konditiounen, fir datt sech déi lokal Betriber wuessen an entwéckele kënnen.

Doriwwer eraus gëtt d'Zesummenaarbecht mat der regionaler Aktivitéitszone ZARE respektiv dem "Syndicat intercommunal pour la création, l'aménagement, la promotion et l'exploitation d'une zone d'activités économiques à caractère régional à Ehlerange" no Méiglechkeet gefestegt. Et ass dëst am Intressi fir eng optimal Entwécklung vun der Zone d'activité économique "Op Herbett" ze garantéieren.

## • Kultur Sport a Fräizäit, fir eng lieweg Gemeng

Sport, Kultur a Fräizäitaktivitéiten awer och d’Kultur beräicheren d’Liewe vun enger Gemeng a stäerken och de Mateneen.

D’Veräinsliewen ass d’Plaz sech ze begéine mat anere Leit. D’Gemeng stäipt oder weiderhin eist gutt a stabilt Veräins- a Fräizäitliewen.

D’Schëfflenger Galerie **“Schëfflenger Konschthaus”** bleibt am Haus Feitler, eng Plaz, déi sech zu engem wichtege kulturellen Treffpunkt entwéckelt huet.

Nei an zousätzlech Aktivitéite sollen dëse Lieu de Rencontre um Liewen halen, mat e.a. der Organisatioun vun Liewensowender, klenge Concerts, engem Kaffeehaus vun der Konscht an anere soziokulturellen Aktiounen.

Et gött gepréift, ob d’Gemeng am Haus temporaire Konschtatelieren zur Dispositioun setze kann.

Nieft den Aktivitéite vum Schëfflenger Konschthaus sollen **och Hobbykënschtler a kreativ Jugendlecher d’Méiglechkeet kréien hiert kënschtlersch Aarbechten dem Public ze präsentéieren**. D’Gemeng wëll zu dësem Zweck passend Lokalitéiten offréieren.

Nom Déménagement vum Polizeikommissariat an nei Lokalitéiten an der Drusenheimstrooss soll déi fréier Gare / haut Policegebai eventuell deementspriechend genotzt ginn als Plaz ebe fir Expositionne vun Hobbykënschtler.

Am Kader vun der Rekonversioun vun den Arcelor-Mittal-Friche an de Planungsarbechte fir de nei Quartier Metzschmelz soll nieft de Realisatioun vun neiem Wunnraum zesumme mat der Entwécklungsgesellschaft AGORA e Konzept **fir eng zukünfteg Notzung vum Denkmal geschützte Pompelhaus** beschwat an ausgeschafft ginn.

Hei besteet d’Chance e neie Lieu de Rencontre fir Musek a Konscht ze kreéieren a vrun allem fir de Musée vum Patrimoine vun der Sidérurgie an dem Schmelzaarbechter ënnerzebréngen.

A propos Patrimoine; heizou gehéiert och d’Geschicht an d’Liewe vun an an eiser Gemeng, vun dohier ënnerstëtzt eis Gemeng och weiderhin déi historiesch Recherche fir an zu Schëffleng, an dat a Kooperatioun mat ënnerschiddlechen Institutiounen.

Gläichermoosse gëtt dofir gesuert fir den Dépôt vun de Gemengendokumenten gëeegent Raimlechkeete fir Archivesmaterial zur Dispositioun ze stellen.

Mir wëllen dofir suergen, datt eis Archiven, déi als historesch relevant gëllen, korrekt opbewaard ginn. Kloer intern Richtlinne sollen dobäi hëllefen; dat zielt och fir digital Quellen.

Nei Sport- a Kulturinfrastrukturen si bekanntlech am Kader vum Deelbebauungsplang PAP am Rit virgesinn. Och dëst offréiert ville Veräiner nei Chance a Perspektiven.